


# adr:

ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI



Här Mars Di Bartolomeo  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2015

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

*Am Kader vun der Bedrohung duerch den Terrorismus, huet d'Regierung an der Chamber e Gesetzesprojet hannerluecht deen eise Sécherheetsorganer eng Réi nei Moosnamen zur Verfügung stellt fir d'Sécherheetslag ze verbessern.*

*Nieft dëse juristesche Mesuren ass et awer och wichteg, datt ons Sécherheetsorganer iwwert dat néidegt Personal verfüge fir hir Missiounen kënnen ze erfëllen. D'Douanieren gehéieren zu dëse Sécherheetsorganer. Nieft villen aneren Aufgaben gehéieren d'effentlech Sécherheet a generell Policeaufgaben zu hire Missiounen (Gesetz vum 27. Juli 1993, Art. 1, 5: „sécurité publique et police générale“).*

*Esou wuel wéinst dem direktem Asaz géint den Terrorismus, awer och fir de Floss vun de Migranten ze kontrolléieren, hunn eng Rei Länner aus dem Schengenraum nees Kontrollen op hire Grenzen agefouert. Och Lëtzebuerg miss fir esou en Asaz virbereet sinn. Och um Fluchhafen, esouguer fir Flich innerhalb vun Europa, komme verschäerfte Moosnamen zum droen, an domadder och nei Kontrollen.*

*Dowéinst wéilt ech dem Här Finanzminister dës Froe stellen:*

- 1. Wéi héich ass den autoriséierten Effektiv vun der Douanesverwaltung?*
- 2. Ass d'Regierung der Meenung, datt dësen Effektiv duergeet oder soll en, am Liicht vun de rezenten Evenementer an der Welt, erop gesat ginn?*
- 3. Wéi ass d'Verhältnis, pro Carrière, tëschent dem autoriséierten an dem reellen Effektiv?*
- 4. Huet d'Verwaltung genuch Douanieren déi speziell ausgebild si fir Missiounen déi mat der effentlecher Sécherheet ze dinn hunn?*
- 5. Huet d'Verwaltung genuch Leit, fir am Noutfall ons Grenzen nees kënnen ze kontrolléieren?*
- 6. Ginn déi aktuell Rekrutementer duer fir Douanieren déi an d'Pensioun ginn ze ersetzen an d'Effektiver opzestocken? Wann neen, wat wëll d'Regierung ënnerhuele fir dëse Rekrutement ze verbessern?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser  
Deputéierten

**Äntwert vum Här Finanzminister, Pierre Gramegna, op d'parlamentaresch Fro n°1623 vum 9. Dezember 2015 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser**

Den aktuell autoriséierten Effektiv vun der Douanesverwaltung leit bei 460 Beamten, an där heiten Zesummesetzung:

- Groupe de traitement D1: 338
- Groupe de traitement B1: 114
- Groupe de traitement A1: 8

Duerch Départen an d'Pensioun an aner organisatoresch Froen läit de reellen Effektiv llicht ënnert deem autoriséierten. D'Douane kënnt zu dësem Zäitpunkt keng gréisser Problemer beim Rekrutement.

Souwuel an der Formation initiale wéi an der Formation continue gëtt grouse Wäert drop geluecht, d'Beamten op déi verschiddenst Zorte Missiounen virzebereeden.

Am Speziellen stinn 303 Beamten fir arméiert Missiounen zur Verfügung.

Domatter huet d'Douane adäquat personnel Moyenen zur Verfügung fir all hire Missiounen nozekommen, an dat och am Bezuch op eventuell Kontrollen op de Grenzen oder Missiounen am Kontext vun der öffentlecher Sécherheet.